N° 3781
Entrée le 21.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°3781 vum 17. Mäerz 2026 vun der éierewäerten Deputéierte Madamm Nathalie Morgenthaler zu engem "système de consigne".**

**Ass d'Regierung der Meenung, datt d'Aféiere vun engem Pfandsystem fir Plastiksfläschen a Gedrénksbéchsen zu Lëtzebuerg eng sënnvoll Moossnam wier, fir Offall an der Natur ze reduzéieren an d'Recyclingsquote ze verbesseren?**

Den Considérant 141[1] vum europäeschen Reglement 2025/40 vum 19. Dezember 2024 zu den Verpakungen an den Verpakungsoffäll beschreift, dass Pfandsystemer dozou gëeegent sinn fir en héijen Sammeltaux ze erreechen an och en héijen Recyclingtaux. D'Effizienz vun der separater Sammlung vu "Single-use"-Plastikgedrénksfläschen a Gedrénksbéchsen, gëtt am Moment méi genau och zu Lëtzebuerg analyséiert. Den uewen genannten Reglement gesäit vir, datt e Pfand-System obligatoresch agefouert muss ginn, wann d'Sammelquote vun 80 % an enger éischter Phas an d'Quote vu 90 % an enger zweeter Phas net erreecht ginn.

**Ass op europäeschem Niveau eng harmoniséiert Léisung oder Koordinatioun am Beräich vun de Pfandsystemer geplangt, besonnesch am Kontext vum Bannemuart an dem grenziwwerschreidende Verkaf vu Gedrénksverpackungen?**

Den EU-Kader gesäit zousätzlech zu de verpflichtenden Ziler vun der separater Sammlung och harmoniséiert Reegele fir, déi bei der Aféierung vun engem Pfand-System musse respektéiert ginn. An dem Kontext goufen och Etude zu Lëtzebuerg realiséiert, fir d'Situatioun besser ze verstoen an och Handlungsempfeelunge fir den concernéierten Secteur ze identifizéieren.

**Falls en nationale Pfandsystem aktuell net envisagéiert gëtt: Wéi eng zousätzlech Moossnaame gedenkt d'Regierung ze huelen, fir der Verschmotzung duerch Plastiksfläschen a Béchsen an der Natur entgéintzewierken?**

Onofhängeg vun engem Pfand-System ass am Hierscht eng gemeinsam Sensibiliséierungscampagne vun der Waasserverwaltung an der Valorlux virgesinn. Dës Campagne wäert sech geziilt op d'Reduktioun vum Littering vu Verpackunge konzentréieren. Si gëtt no engem änleche Prinzip opgebaut wéi d'Littering-Campagne zu den Zigarettestëmp, déi Enn 2024 duerchgefouert gouf. D'Campagne wäert iwwer eng breet Pallette u Kommunikatiounskanäl diffuséiert ginn, dorënner Fernseh, sozial Medien an Affichen am ëffentleche Raum, fir esou eng maximal Visibilitéit an eng héich Sensibiliséierungswierkung ze erreechen. Desweideren definéiert den nationalen Plang fir d'Gestioun vum Offall an de Ressourcen Mersueren an Objektiver fir d'Gestioun vun de Verpakungen ze verbesseren.

Lëtzebuerg, den 21. Abrëll 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit

[1] « (141) Il a été démontré que l'existence de systèmes de consigne qui fonctionnent bien garantit un taux de collecte très élevé et un recyclage de qualité élevée, en particulier en ce qui concerne les bouteilles et les canettes pour boissons. […] ».